



N° 6332
Reçue le 10.06.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.06.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Bannenzeg Sécherheet & Interieur weiderzeleeden.

Den 28te Mee huet an der Stad erëm den *ING Night Marathon* stattfonnt. Ewéi bei all grousssem Event, hunn och hei Leit vum CGDIS an der Police fir d'Sécherheet vun de Leeferinnen a Leefer an den Zuschauer gesuergt.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Policebeamte waren op der Plaz, fir de Marathon ofzesécheren?
2. Wéi vill Mann/Stonnen erginn sech heiraus fir d'Police?
3. Wéi vill Leit vum CGDIS waren op der Plaz, fir de Marathon ofzesécheren?
4. Wéi vill Mann/Stonnen erginn sech heiraus beim CGDIS?
5. Wéi vill Prozent vun de Käschte vun de Mann*Stonnen (50 Leit*8 Stonnen = 400 Mann*Stonnen) déi vun der Police gelescht goufen, si vum Organisateur iwweholl ginn?
Falls et keng 100 Prozent sollte sinn, wéi héich sinn d'Käschten, déi de Staat hei muss selwer droen?
6. Wéi vill Prozent vun de Käschte vun de Mann*Stonnen déi vum CGDIS gelescht goufen, si vum Organisateur iwweholl ginn?
Falls et keng 100 Prozent sollte sinn, wéi héich sinn d'Käschten, déi de Staat hei muss selwer droen?

Mat déiwem Respekt,



www.piraten.lu



GOERGEN Marc

Député



www.piraten.lu